



Finanzplaz geet et gutt. Si ass „open“ fir Business a mir sinn attraktiv.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Finanzminister. De Laurent Mosar huet d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo. Merci fir déi Explikatioun vum den Häre Schneider a Gramagna. Ech gesinn iwwregens, datt mer op ganz ville Punkten déiselwecht Meenung hunn. Ech hunn allerdéngs e kleng Problem: Dës Regierung äntwert ganz oft op Froen, déi se net gestallt kréit, se äntwerten awer net op déi Froen, déi se gestallt kréien.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- An do sinn awer zwou, dräi Froen, déi ech virdu gestallt hunn, déi ech awer net onwichtig fannen, wou ech net...

*(Interruption par M. Etienne Schneider)*

Jo, Här Schneider. Mir kënnen do ganz laang driwwer diskutéieren. Ech géif der awer zwou nach eng Kéier wëlle widderhuelen, well se guer net beäntwert gi sinn, déi menger Meenung no awer eng grouss Wichtigkeet hunn.

Deen een Aspekt, dat ass deen, datt jo elo Verhandlung wäerten ugoen zwëschen der Europäescher Unioun a Groussbritannien, wann dann déi ganz Prozedur leeft. An do geet et drëm, fir ze kucken, wat fir eng Konditiounen d'Engländer wäerte kréien. An do stelle sech substaanzuell Interessen och fir d'Lëtzebuerger Wirtschaft a ganz besonnesch fir d'Lëtzebuerger Finanzplaz.

Well et ass net egal, Dir Häre Finanzminister a Wirtschaftsminister, wéi dat doten ausheet, well mir sinn eis jo oft eens, Här Finanzminister: Hei muss den „level playing field“ och par rapport zu Groussbritannien garantéiert ginn. An do hat ech virdu gefrot, wéi d'Regierung sech och do géif wëlle positionéieren, fir déi doten Diskussiounen och vun eiser Säit, vun der Lëtzebuerger Säit, ze preparéieren. Do hunn ech keng direkt Äntwert kritt.

Eng zweet Fro, déi awer onheemlech wichtig ass... An ech beruffe mech do op datselwecht, wat den Här Schneider gesot huet, deen d'Wichtigkeet vun den Headquartieren ënnerstrach huet. Dat hat ech och scho virun enger Rei vu Wochen hei bei Geleeënheet vun der Interpellatioun iwwert d'Zukunft vun eiser Finanzplaz gemaach.

An Dir kënnst Iech erënneren, Här Finanzminister, do hat dës Chamber à l'unanimité eng Motioun gestëmmt, fir effektiv studéieren ze loosse, wat d'Vir-/d'Nodeeler vun der Implantatioun vun Headquartieren wäeren, wou mer eventuell och nach missten eis ganz Regulatioun norüsten. An do hat ech Iech gefrot, well dat och elo méi wichtig gëtt an deem ganze Kontext Brexit, wou mer do dru sinn. Wat ass entre-temps do geschitt?

Do wär ech awer frou, wann ech och nach op déi doten zwou Froen zumindest kéint eng Äntwert kréien.

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, wann Der erlaabt, zu där éischter Fro. Ech mengen, ech wor extra no engem Conseil, deen elo net d'lescht Woch war, mä virun e puer Méint hei war, e Rapport maache komm, fir Iech ze soen, dass Lëtzebuerg insistéiert huet fir den „level playing field“, wéi den Här Cameron Europa froe komm ass do, fir verschidden Derogatiounen, Mesuren ze kréien, an am Fong jo déi och dem Vollek a Groussbritannien an de Referendum ze stellen, och wann dat ganz vergiess ginn ass, dass do au préalable Groussbritannien jo och verschidde Saache gefrot huet, insistéiert hu fir den „level playing field“.

Et ass ënner anerem op Insistance vun der Lëtzebuerger Regierung, dass den „level playing field“ am Chapeau ass vum ganzen Dossier vun der Fiskalitéit an iwwert d'Banken. Wa mer et deemools gemaach hunn, gëtt et haut keng Ursach, fir dat an deenen nächste Wochen an an deenen nächste Méint net méi ze maachen.

Dat Eenzezt, wat ass, hei gëtt gefrot, weéni d'Négociatiounen ufänken. On ne met pas la charrie avant les boeufs. Hei muss fir d'Éischt den Artikel 50 invoquéiert ginn an da fänken eréischt d'Négociatiounen un.

Ech kann Iech just soen, dass dat, wat d'Regierung virun e puer Méint gesot huet, och an deem nächste Mount datselwecht ass. Dat

heescht, dass en „level playing field“ d'Regel ass. Wann den Här Mosar... Ech soen et elo fir d'Drëtt dann nach eng Kéier, no deem leschte Conseil, no deem Conseil an ech soen et dann an e puer Méint nach eng Kéier: Ouni „level playing field“ maache mir net mat. „Cherry picking is not on the agenda!“

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Finanzminister zu där zweeter Fro.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, zu där zweeter Fro, Här President, kann ech zwee wichteg Beispiller ginn, wéi mer bei der Headquarter-Politik elo agéieren, fir méi attraktiv ze sinn.

Dat éischt Beispill ass natierlech d'Steierreform, wou mer mat der Besteuerung vun den Entreprisén vun 21% d'nächst Joer op 19% erfoginn an dat Joer duerno op 18%. Méi schéi kann een et wahrscheinlech net molen. Dat ass dat, wat mer eis kënnen als Reduktioun leeschten an an engem en parallèle gesond Statsfinanzen hunn.

An dat zweet Beispill ass, dass mer ewell fir d'Visae fir Persounen aus Drëttsaten Ouverture virgesinn hunn am Gesetz, wat muss gestëmmt ginn, fir dass verschidde Leit méi liicht op Lëtzebuerg, ënner verschiddene Konditiounen, kënnen kommen.

Ech mengen, dat sinn dann zwou ganz konkret Mesuren, déi, mengen ech, eng konkret Äntwert sinn. Et sinn och vläicht e puer anerer, déi nach an der Maach sinn. An ech sinn och gäre bereet, an den nächste Méint nach e Follow-up dozou ze maachen, mä, ech mengen, mir hunn eis Hausaufgab do gemaach.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Une voix.**- Kréien ech elo eng Äntwert op meng Fro?

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Also, Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Eng leschte Kéier.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ...ech muss erëm soen, den Här Statsminister äntwert op Froen, déi ech net gestallt hunn. Ech wëll ganz konkret wëssen, wéi d'Regierung sech hei organiséiert, fir sech a ganz schwiege Verhandlungen opstellen - Här Statsminister, an do sinn ech mat Iech d'accord, ganz technesch komplex Verhandlungen -, fir datt och do d'Intérète vum Wirtschaftsstanduert a vun der Finanzplaz verteidegt ginn.

An dat ass eng Fro, déi ech un de Finanzminister eigentlech gestallt hunn, fir ze wëssen, ob et do och iergendwéi elo e Groupe de travail gëtt oder eng Taskforce, fir déi doten Diskussiounen ze preparéieren. Do geet et ëm ganz villen fir dëst Land!

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, ech mengen, hei sinn ech am falsche Film! Hei ass déi lescht Deeg a Wochen...

*(Exclamations)*

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift!

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Déi lescht Deeg, Här President, hu mer insistéiert, dass net négociéiert gëtt, soulaang den Artikel 50 net invoquéiert gëtt, dass dës Regierung der Meenung ass, dass den „level playing field“ d'Basis ass!

A wie mécht d'Négociatiounen? D'Kommissioun am Moment ass zoustänneg dofir. A mir wäerten alles maachen, fir der Kommissioun dat Mandat ze ginn, wat och de Conseil gären hätt. Mä elo schonn, fir ze froen, dass mir bei der Kommissioun eppes invoquéieren, wat vläicht eng Kéier geschitt, wou een emol net weess, ob et kënn, wier total inopportun!

Dës Regierung huet e Plang. Mir gesi just, dass beim Här Mosar Pilotage à vue nach ëmmer eng Regel wier.

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dir sidd wierklech am falsche Film!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Do mat si mer um Enn vun der Diskussioun.

Dir hutt gesinn, dass ech grousszügig mat der Zäit war, well et eng wichteg Diskussioun ass. Jiddwereen ass zu Wuert komm. Ech mengen, fir haut si mer um Enn ukomm. Merci villmoos.

A mer géifen dann zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour iwwergoen, och e wichtige Punkt. Dat ass d'Proposition de loi 6894, fir den Artikel 32 Paragraph 3 vun der Verfassung ze änneren. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet direkt den Auteur-rapporteur, den Här Alex Bodry.

#### 4. 6894 - Proposition de révision de l'article 32, paragraphe 3 de la Constitution

##### Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *auteur-rapporteur*.- Jo, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, bei deem Revisiounsprojet handelt et sech ëm eng nei Formulierung vum Artikel 32. (3) vun eiser Verfassung, deen de Punkt behandelt vum Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc, besonnesch an de sougenannten Domaines réservés à la loi par la Constitution. Dat heescht do, wou d'Constitutioun festleet, dass dat eng Matière ass, déi am Prinzip duerch Gesetz muss geregelt ginn.

Wann een deen Artikel 32 (3) wëllt richteg verstoen, muss een deen zesumme liese mat enger ganzer Rëtsch vun anere Verfassungsbestëmmungen, déi mer an eise aktuellen Text stoen hunn. Den Artikel 36, deen eis seet: «Le Grand-Duc prend les règlements et arrêtés nécessaires pour l'exécution des lois.» Den Artikel 32 (2), dee seet: «Le Grand-Duc n'a d'autres pouvoirs que ceux que lui attribuent formellement la Constitution et les lois particulières portées en vertu de la Constitution même, le tout sans préjudice de l'article 3 de la présente Constitution.»

Den Artikel 33, dee seet: «Le Grand-Duc (...) exerce le pouvoir exécutif conformément à la Constitution et aux lois du pays.» Den Artikel 37 (4), dee festleet: «Le Grand-Duc fait les règlements et arrêtés nécessaires pour l'exécution des traités (...) sans préjudice des matières qui sont réservées par la Constitution à la loi.» Den Artikel 45, en essenziellen Artikel, dee seet: «Les dispositions du Grand-Duc doivent être contre-signées par un membre du Gouvernement responsable.» Deen also kloermécht, dass et sech hei sech net eigentlech ëm Prärogativen handelt, déi de Grand-Duc eleng géif exercéieren, mä déi eigentlech vum Grand-Duc zesumme mat der Regierung nëmme kënnen exercéiert ginn.

Den Artikel 76 schliisslech, dee festleet, dass de Grand-Duc a gewëssene Fäll, kann e Member vun der Regierung, also e Minister, chargéieren, fir Mesures d'exécution ze huelen. A schlussendlech den Artikel 95, deen dierfe mer hei net vergiessen, dass eis Gerichter déi sinn, déi gehale sinn, d'Arrêteen an d'Reglementer nëmme ze applizéieren, wa se konform zum Gesetz sinn.

All déi Dispositiounen eigentlech misst ee sech duerch de Kapp goe loosse, wann een de Sënn wëllt méi genau gesi vun deem, wat mer elo amgaange sinn, iwwert d'Reform vum Artikel 32 (3) vun eiser Verfassung ze regelen.

Et geet also drëm, de Pouvoir ze reglementéieren, dat heescht Ausféierungsbestëmmunge vu Gesetzter ze huelen. Dat ass an eise Lëtzebuerger Verfassungssystem eng Prärogativ vum Statschef, vum Grand-Duc.

Politesch verantwortlech fir deen dote Pouvoir réglementaire ass natierlech d'Regierung. An all Règlement grand-ducal, och all Arrêté grand-ducal, dat heescht alles do, wou de Grand-Duc no dem Verfassungstext muss ënnerschreien, muss virun Objet si vun enger Deliberatioun vum Regierungsrat. Wa mer also hei vum Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc schwätzen, muss mer ëmmer kloer gesinn, a wat fir engem Zusammenhang dass mer dat eigentlech maachen, dass also do ëmmer muss eng Deliberatioun vun der Regierung virleien, ier kann esou e Règlement grand-ducal oder en Arrêté grand-ducal ënnerschriwwen ginn.

Kloer ass - et soll een et och nach eng Kéier betounen, an den Här Meyers huet dat als Rapporteur gemaach, wéi mer virun enger Rei vu Joren, 2004, deen Artikel hei schonn diskutéiert haten -, dass d'Reglement op kee Fall kann e Gesetz ausbauen, dat heescht iwwer e Gesetz erausgoen, nach kann et natierlech och e Gesetz aschränken. Et kann also net hannert dem Gesetz eigentlech bleiwen. Et geet also nëmme drëm, sech am Kader vum Gesetz ze bewegen, dat eigentlech ganz kloer d'Limite festleet, wat iwwer Ausféierungsbestëmmunge ka festgeluecht ginn.

Allgemeng gëllt de Prinzip, dass d'Gesetz déi wesentlech Punkten an d'Prinzipie vun enger Matière regelt an d'Reglement Detailler fixéiert. Et ass eng al Jurisprudenz eigentlech, déi och d'Doktrin iwwerholl huet, déi déi dote Grondprinzipie festleet.

De Grand-Duc kann net Regele festleeën, wann dofir net eng Verfassungs- oder eng Gesetzesgrundlag besteet. De Grand-Duc, dat heescht also d'Regierung, huet am Contraire d'Verpflichtung, déi néideg Ausféierungsbestëmmunge festzeleeën, fir dass ee vum Parlament gestëmmt Gesetz iwwerhaupt kann applizéiert ginn. Wann e Gesetz nëmme iwwer

Ausféierungsbestëmmungen applikabel ass, da muss d'Regierung d'Ausféierungsbestëmmungen huelen, well se sech soss eigentlech der Volontéit vum Législateur géif entgéintsetzen.

Hei bewege mer eis also an engem ganz juristeschen interessanten, politeschen och heiansdo kontroversen Beräich, wou et schlussendlech awer och ëm d'Definitioun geet vun de respektive Kompetenzberäicher vun der Legislativ op där enger Säit, d'Prärogativen, also vum gewielte Parlament, der Chamber, an op där anerer Säit d'Prärogative vun der Exekutiv, dem Grand-Duc an der Regierung.

Duerfir géif ech hei bei där Geleeënheet, fir dass keng falsch Impressioun doriwwer opkënn, wat d'Zilsetzung weider bleift vun eise Verfassungstext, de Professor Pierre Wigny hei zitieren aus engem schonn eelere Manuel iwwert den Droit constitutionnel aus dem Ufank vun de 50er Joren: «La loi est souveraine. La volonté législative s'impose aux autres pouvoirs publics.» Esou gesi mer dat och hei zu Lëtzebuerg. An doru wëlle mer och mat deem heiten Text näischt änneren.

Genau gesot, geet et also bei deem Artikel 32 (3) ëm de reglementaresche Pouvoir vun der Exekutiv am Beräich vun der Réserve de la loi, dem Domän also, wou d'Verfassung fixéiert, dass nëmme Normen duerch Gesetz kënnen festgeluecht ginn.

Mer hunn eng ronn 15 verschidde Verfassungsbestëmmungen an eiser aktueller Constitutioun, déi dem Gesetzgeber also e geschützte Wierkungsberäich eigentlech zougestoen, déi also festleeën, wat fir eng Matière mussen iwwer e Gesetz geregelt, festgeluecht ginn. Dat geet vun de politesche Rechter vun den Lëtzebuerger iwwert de Gebrauch vun de Sproochen, d'sozial Sécherheet an d'Gesondheetspolitik, vum Streikrecht iwwert d'Handelsfräiheet, vun der Organisatioun vum Unterrechtswiese bis hin zu der Organisatioun vun den Zoustännegkeete vun Arméi a Police an der Aféierung vun enger Statssteuer.

Dat sinn nëmme e puer Beispiller vu Matière, wou eis Verfassung haut seet: Dat ass eng Matière réservée à la loi. Mä och do war et ëmmer kloer, dass dat keen absolute Prinzip ass, dass wann de Législateur dat wëllt, awer nëmme dann, kënnen och an deenen dote Matière iwwer Règlement grand-ducal Ausféierungsbestëmmunge geholl gi vun dem Grand-Duc respektiv vun der Regierung, fir Detailfroen ze regelen.

Wat bei deem heiten Domän also net besteet, dat ass de sougenannte Pouvoir réglementaire spontané, deen an allen anere Matière, déi net dem Gesetz reservéiert sinn, eigentlech dem Grand-Duc, där Exekutiv, zouerkannt ginn. Also, och wann do net speziell virgesinn ass, dass kënnen Règlement grand-ducal geholl ginn, kann d'Regierung dat eigentlech maachen.

An der Matière réservée à la loi geet dat net. Do muss also d'Regierung praktesch speziell déi Attributioun zougestane kréien duerch dat Gesetz, wat déi dote Matière regelt. An nëmme an deem Kader an an där Spannwäit, wou eigentlech d'Reglement och virgesinn ass, kënnen herno och d'Regierung/de Grand-Duc Ausféierungsbestëmmungen huelen.

Dat ass, wéi eigentlech dee ganze Beräich hei organiséiert ass. An deem heite spezifische Fall, also an der Reserv vum Gesetz, ass et esou, dass eigentlech d'Exekutiv nëmme de Pouvoir d'attribution huet, fir Detailler ze regelen. Wa se dat net spezifesch zougestane kritt an engem Gesetzestext, ka se eigentlech keng valabel Ausféierungsbestëmmungen huelen.

De Problem, dee mer hei konkret haten, dee sech gestallt huet, war eigentlech eng Entwécklung vun der Jurisprudenz vun eise Verfassungsgericht, wat an den éischte Joren eigentlech an der traditioneller Interpretatioun vun där Kompetenzopdeeling vun dem Gesetz an dem Règlement bliwwen ass, do awer no eiser Neiformulierung vum Artikel 32 an der Aféierung vun deem Artikel 32 (3) iwwert d'Pouvoir vum Grand-Duc an der Matière réservée à la loi, wou se do eng restriktiv Interpretatioun vun eise Text gemaach hunn, dee mir esou sengerzäit als Constituant net gewollt haten.

Mir wollten eigentlech nëmme déi besteeënd Jurisprudenz festschreien. Mir wollten net eppes änneren. A schlussendlech ass eisen Text méssverständlech interpretéiert ginn. Vlächet war en och net kloer genuch.

Op jidde Fall huet et derzou geféiert, dass d'Jurisprudenzen... Dat ass 2013 ugaangen an der sougenannter Affär Ries. Awer bis 2016 gëtt et elo nach Uerteeler vun der Cour Constitutionnelle, déi et am selwechte Sënn soen an déi eng restriktiv Ausleeung maachen, wat de Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc ugeet am Beräich vun de Matière-réservéeeën, well do verlaangt gëtt, dass eigentlech am Gesetz selwer awer net nëmme d'Zilsetzung festgeluecht





gëtt vun deem Règlement grand-ducal, wat ka geholl ginn, mä awer och all Konditiounen an all Modalitéite festgeluecht ginn. An da bleift eigentlech net méi ganz vill nach ze regelen iwwer Règlement grand-ducal. Dat muss ee bal alles dann an de Gesetzestext selwer erapaken.

Déi Jurisprudenz huet derzou gefouert, dass de Statsrot a sengen Avisen, bis viru Kuerzem zumindest - e schéngt awer seng Haltung e bësse méi opgelackert ze hunn - an engem leschten Avis am Éducatiounsberäich, derzou iwwer gaangen ass, fir praktesch ëmmer eng Opposition formelle ze formuléieren an ze soen: „Mir wëssen eigentlech net, wéi herno am Zweifelsfall eng Cour Constitutionnelle op dee Gesetzestext reagiert, wann Der net praktesch och scho ganz vill Detailer an deem Text hei mat eraluet.“

An duerfir ass eigentlech den Domän vum Règlement ëmmer méi kleng ginn. An en ass esou kleng ginn, dass kee méi genau konnt eigentlech elo definéieren, wéi grouss en dann effektiv nach ass, wat de Spillraum nach ass, fir iwwerhaupt iwwer Règlement grand-ducal am Domaine réservé à la loi nach kënnen Ausféierungsbestimmungen ze huelen.

Dat huet derzou gefouert, dass op där enger Säit de Conseil d'État an enger Rei vun Avisen an öffentleche Stellungnamen op deem dote Mëssstand higewisen huet. D'Regierung huet eng Initiativ geholl a si huet eis d'lescht Joer iwwert de Statsminister och e Brëf geschriwwen, wou se och d'Chamber gebieden huet, déi dote Fro par rapport zur allgemenger Verfassungsrevisioun virzeéien an hei ze légiféréieren op dem dote spezifische Punkt, wat mer dann haut iwwert deem heiten Text och maachen.

Bon, et kann een nach relativ wäit aushuelen iwwer all déi Entwécklungen, déi mer haten. Et ass effektiv schonn déi zweete Kéier, wou am Fong d'Chamber als Constituante reagiert op eng Jurisprudenz vum Verfassungsgericht an deem heite Fall, well mer eng éischte Kéier schonn hu musse reagieren opgrond vun der Jurisprudenz, wat d'Règlements ministériels ugeet, wou och do duerch en Arrêt vun 1998 eng éischte Kéier praktesch gesot ginn ass: „Ma hei, de Grand-Duc ass nëmme virgesinn eigentlech als Organ, als Deel vun der Puissance souveraine, dee ka Reglementer huelen, Ausféierung vu Gesetz.“

Do steet nëierens dann, dass de Grand-Duc kann op eng aner Instanz en Deel vun deem dote Pouvoir iwwerdroen, notament op d'Membere vun der Regierung. Dat huet derzou gefouert, dass mer ee Moment an enger Situatioun waren, wou mer net woussten, ob iwwerhaupt déi sëllege Règlement-ministériellen, déi lénks a riets a villen alen Texter bestinn, nach valabel sinn oder net. Dat huet derzou gefouert, dass mer also virun enger Rei vu Joren, am Joer 2004, do en neien zweeten Ofsaz an den Artikel 76 vun eiser Verfassung ageschriwwen hunn, fir op déi dote Jurisprudenz ze reagieren.

Bon, hei reagiere mer also elo eng zweete Kéier op eng Jurisprudenz vum Verfassungsgericht an dem Beräich vum Pouvoir réglementaire. A mir mengen, do wëlle mer am Fong näischt Neies maachen, näischt op d'Kopp werfen. Mir wëlle just eigentlech op déi al Jurisprudenz zrëckkommen, op déi al Interpretatioun vun den Texter zrëckkommen, déi also kloer d'Méiglechkeet gëtt, dass och am Domaine réservé à la loi par la Constitution de Grand-Duc kann Ausféierungsbestimmungen huelen, awer, wéi gesot, nëmmen - nëmmen, dat ass déi Konditioun, déi mer hei festsetzen -, wann esou e Règlement d'exécution ausdrécklech am Gesetzestext virgesinn ass. An de Gesetzestext muss och d'Objektiver vun deem Règlement grand-ducal schonn determinéieren. An de Législateur kann och Konditiounen festsetzen, wann en dat fir richtig fënnt an der eenzelner Matière.

Et ass also reng fakultativ, fir e puer Konditiounen festzeleeën. Dat ass dee groussen Ennerscheid par rapport zum aktuellen Text vum 32 (3), wou dat eng Obligatioun ass, op jidde Fall esou interpretéiert ginn ass, vun eiser Verfassung. Et ass eng Obligatioun am Gesetz och, fir sämtlech Konditiounen a Modalitéite festzeleeën.

Dat brauch an Zukunft net méi de Fall ze sinn, mä d'Legislativ behält all d'Pouvoiren an der Hand! D'Chamber bleift Meeschter, beim Vott vum Gesetz ze determinéieren éischters, ob se wëllt dem Grand-Duc - der Regierung - dee Pouvoir ginn, fir iwwer Reglementer Ausféierungsbestimmungen ze huelen. Si leet am Text fest, wat d'Objektiver sinn, d'Zilsetzung ass vun deene Règlement-grand-ducallen. A si kann, wa se wëllt, zousätzlech Konditiounen och am Gesetzestext nach androen. Bon!

Also, wéi wäit mer eigentlech do Attributiounen ofrieden, deelweis, un d'Regierung, dat hängk eleng schlussendlech vun der Chamber

of, iwwert dat Gesetz, wat se stëmmt. Soudass ech mengen, dass een do awer also net brauch ze fäerten, dass bei deem Équilibre, dee mer haut an där Opdeelung vun de Kompetenzen hunn, Chamber op där enger Säit a Regierung där anerer Säit, do fundamental eppes géif op d'Kopp geworf ginn.

Eisen Text, wéi en elo proposéiert ass, ass wéi folgt formuléiert. Ech liese vir: «Dans les matières réservées à la loi par la Constitution, le Grand-Duc ne peut prendre des règlements et arrêts qu'en vertu d'une disposition légale particulière qui fixe l'objectif des mesures d'exécution et le cas échéant les conditions auxquelles elles sont soumises.» Dat ass also deem neien Text, dee mer hei géife proposéieren. Dat ass eisen éischten Text, dee mer och eraginn haten iwwer eng Proposition de loi no Diskussiounen an der Kommissioun.

De Conseil d'État hat eng Géigeproposition gemaach. Déi Géigeproposition, déi hu mer awer als Kommissioun schlussendlech diskutéiert an net zrëckbehalen. Firwat? De Conseil d'État huet probéiert eigentlech, en Element vun der Jurisprudenz matanzubauen an huet versicht, déi Expressioun, dass am Fong d'Prinzipie géifen iwwert d'Gesetz festgeluecht ginn, an den Text eranzehuelen.

An eisen Ae bréngt dat net onbedéngt méi Rechtssécherheet wéi deem Text, dee mir elo schlussendlech hei proposéieren, an d'Verfassung opzehuelen. Also, e léist eigentlech den eigentleche Problem net.

Zweetens gesi mer an deem Text, well do vu Prinzipie rieds geet, eng Kontradiktioun mam Artikel 11 (5) vun eiser Verfassung, wou schonn an enger Matière réservée rieds geet vu Principe. Wéi verdréit sech also déi Spezialbestimmung vum 11 (5) mat der allgemenger Bestimmung, déi de Conseil d'État proposéiert huet, fir de gesamten Domaine réservé à la loi? Ass do nach en Ennerscheid? Ass dat genau datselwecht oder net? Déi Froe sinn eigentlech net tranchéiert.

Da ware mer der Meinung, dass den Text, wéi e proposéiert ginn ass vum Statsrot, och vum Opbau hier eng Onkohärenz bedeit par rapport zum gesamten Artikel 32, wou et sech ëmmer ëm d'Prärogative vum Grand-Duc handelt an deenen eenzelnen Domänen. Hien huet awer en Text proposéiert, wou op eemol de Grand-Duc aus dem Text fort war.

An dann huet sech och virun allem d'Fro gestallt, ob iwwert déi Formulatioun, déi de Statsrot proposéiert huet, net iwwert d'Hannerdier och d'Règlement-ministériellen am Domaine réservé à la loi erëm sollten agefouert ginn, wou déi eigentlech duerch den Artikel 76 ausgeschloss sinn an deem doten Domän. Règlement-ministéiell sinn nëmme méiglech an den Domaines non réservés à la loi par la Constitution.

Dat wollte mer net hunn. An aus deenen Iwwerleeunge si mer eis eens gi gewiescht an der Kommissioun, dass mer net géifen op deem Text, d'Proposition vum Statsrot, zrëckgräifen, mä dass mer bei eiser éischter Textproposition géife bleiwen.

Här President, ech kommen zum Enn vu mengen Ausféierungen als Rapporteur. Ech hu scho gesot, dass den Ustouss hei komm ass vum Statsrot a vun der Regierung. Deen Text, dee mir proposéieren, entsprécht zwar net eent zu eent deem Text, dee mir an eiser Gesamtrevision vun der Verfassung virgesinn haten, mä e geet awer ganz kloer inhaltlech an déiselwecht Richtung wéi dat, wat mer an eisem neie Verfassungstext fir Lëtzebuerg proposéiert hunn.

Den Domän vum Gesetz bleift geschützt. D'Exekutiv soll awer an Zukunft och den Detail vun enger Matière kënnen iwwer e Reglement regelen, souwäit dat och de Wunsch vun der Chamber ass, ausgedréckt eben am Gesetzestext selwer.

Virun allem awer wëll ech nach eng Kéier hei betounen, fir definitiv all Skeptiker ze iwwerzeegen, dass deem neie System näischt ännert un deem groussen Opbau vun de Kompetenzen Chamber an Exekutiv, wéi mer se hei zu Lëtzebuerg kennen, deem doranner besteet, dass et esou ass, dass d'Reschtkompetenz, d'Compétence résiduaire, dat heescht, de Pouvoir, fir alles ze maachen, wat vun der Verfassung net formell engem bestëmmten Organ attribuéiert gëtt, déi Reschkompetenz, déi huet zu Lëtzebuerg de Législateur, an net d'Exekutiv. Dat wäert och an Zukunft esou bleiwen.

An deem Sënn kann ech lech soen, dass déi heiten Textproposition net eestëmmeg, mä mat grousser Majoritéit vun der zoustänneger Kommissioun guttgeheescht ginn ass. An ech brénge schlussendlech och nach den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deem heiten Text eran.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet direkt de Paul-Henri Meyers fir d'CSV.

**Discussion générale**

► **M. Paul-Henri Meyers (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur, den Här Alex Bodry, deem ech villmools Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport an och fir déi Explikatiounen, besonnesch iwwert de Pouvoir réglementaire als Ganz, huet op d'Wichtigkeet och vun deser Reform higewisen.

D'Ofännerung vum Artikel 32 (3) ass effektiv eng besonnesch Ofännerung, well och deem Artikel e besonneschen Artikel ass. Den Artikel 32 enthält véier Paragraphen. En definéiert d'souverän Gewalt am Stat, déi net méi beim Grand-Duc läit, wéi an der Verfassung vun 1868, mä bei der Natioun. Duerno hält e fest, dass de Grand-Duc nëmmen déi Pouvoiren huet, déi d'Verfassung an d'Gesetzter him ginn. An da bréngt en zwou Dispositionen, enger-säits déi, déi mer haut diskutéieren, iwwert d'Matière réservée, wou de Grand-Duc nëmme Pouvoir kritt, wann de Gesetzgeber, dat heescht d'Chamber, him déi wëllt ginn an eenzelne Gesetzter.

An dee leschte Paragraf, dee geet ëm d'Krisis, eigentlech ëm den Etat d'urgence, wou jo och d'Institutionskommissioun en Text ausgeschafft huet a wou mer nach op den Avis vum Conseil d'État waarden. Bei deene Reglementer kann zwar de Grand-Duc och an de Matières réservées Reglementer huelen, allerdéngs hu se nëmmen eng Validitéit vun dräi Méint. Mir wäerte vläicht nach d'Geleeënheet kréien an nächster Zäit, och op déi do Disposition zrëckzekommen.

Ech maachen hei drop opmierksam, dass den Artikel 32 net ënnert der Sektoun vun de Prärogative vum Grand-Duc steet. Et ass en Artikel, deem am Ufank steet vun den eenzelne Pouvoiren am Stat, deem also considéiert gëtt... an och, wéi mer déi Reform gemaach hunn, sinn déi hei Dispositionen, déi Pouvoiren, déi de Grand-Duc hei kritt, déi Habilitationen, net als normal - als normal - Prärogative vum Grand-Duc considéiert ginn! Ech mengen, dat sollte mer och bei der Revision vun der Verfassung an Zukunft am A behalen.

Wat d'Bestimmung vum Artikel 32 (3) betrëfft, déi sech op d'Beräicher vun de Matières réservées bezitt, déi d'Verfassung engem Gesetz reservéiert, kann de Grand-Duc nëmmen e Reglement huelen, wann d'Gesetz dat ausdrécklech virgesäit. An et geet och net, dass an deem Gesetz eng allgemeng Bestimmung steet, dass an deem Gesetz kann e Reglement oder Reglementer geholl ginn. Déi Habilitation muss schonn an enger spezifischer Disposition stoen, wéi den Text et och seet: „disposition (...) particulière“, opgrond vun där de Grand-Duc de Reglement kann huelen, a mat deenen Zilsetzungen, déi dann och d'Gesetz virgëtt. Soudass also déi Pouvoiren, déi hei de Grand-Duc, och d'Regierung kritt, also ganz kloer vun der Chamber virgi ginn, sou wéi de Rapporteur et och gesot huet, an dass dee Moment och de Pouvoir exécutif sech kloer un déi Viraussetzung muss halen.

Wann ee Gesetz am Beräich vun de Matières réservées kee Reglement virgesäit, kann och kee Reglement geholl ginn!

Et ginn an der Verfassung, wéi de Rapporteur scho gesot huet, eng 15 Artikelen iwwert déi sougenannte Matières réservées. Déi gi vun de politesche Rechter, vun der Nationalitéit iwwer Grondrechter, bis zu ganz vaste Beräicher wéi der Sécurité sociale, der Gesondheet, dem Enseignement, wou mer besonnesch a leschter Zäit ganz vill Schwierigkeeten haten, a bis hin zu de Steieren, fir nëmmen déi Domänen elo opzezielen.

D'Matières réservées kéinten, wann d'Verfassung strikt interpretéiert géif ginn, nëmmen duerch e Gesetz geregelt ginn. Et huet sech awer an der Vergaangenheet ëmmer erëm d'Fro gestallt: Muss d'Gesetz an deem Beräich alles reglementéieren, alles virgesinn? Oder besteet och d'Méiglechkeet, dass de Grand-Duc iwwer Reglementer Detailfroen, Detaildispositionen reglementéiere kann?

De Statsrot war ëmmer der Meinung, dass et géif duergoen, dass am Gesetz selwer déi grouss Linne géife festgehalen ginn, an dass d'Detailfroen duerch de Grand-Duc reglementéiert kéinte ginn, wann d'Gesetz him déi Habilitationen géif ginn.

Déi Meinung ass och vum Verwaltungsgericht an och vum Verfassungsgericht gedeelt ginn, laang Joren. An et ass eigentlech bis 2013, wou déi do Doktrinn, déi do Opfaassung, déi do Aart a Weis, fir déi Texter ze liesen, och vun de Gerichter ugehall si ginn.

Wéi mer an der Verfassungskommissioun am Joer 2004 dee ganze Pouvoir réglementaire re-

glementéiert hunn, ware mer der Meinung, dass déi Doktrinn, déi eng laang Vergaangenheet hat, eigentlech misst an der Verfassung och verankert ginn, fir dat och ofzesécheren, fir et méi kloer ze maachen a fir sech net méi eleng op Jurisprudenz an op d'Meenung vum Conseil d'État missen ze beruffen.

Mir hunn dofir en Text virgesinn, deem dee Moment en allgemenge Charakter hat. De Conseil d'État huet dee kritiséiert a war der Meinung, dee géif ze wäit goen, dee géif eventuell erlaben, dass een duerch eng Loi-cadre déi Matière kéint regelen. Dat heescht, wann de Grand-Duc eng Kéier esou en Text hätt, dass dee Moment de Grand-Duc méi Pouvoir géif kréien, wéi en eventuell bei normale Gesetzter hätt.

De Conseil d'État huet en neien Text proposéiert iwwert d'Matières réservées. Hien huet och gesot, dass dee Moment den Text, deem e virgeschloen huet, dass dee sollt virgesinn, dass ausser den Zilsetzungen och d'Konditiounen an d'Modalitéite kéinte virgesi ginn. An de Conseil d'État war eigentlech der Meinung, dass deem Text, dee contraignant war, am Intérêt vun der Chamber wär. An hien huet souguer d'Meenung vertrueden a sengem Text, dass dee virgeschloenen Text der Chamber hiren Handlungsberäich géif erweideren, an net aschränken.

Dofir huet en a sengem Avis complémentaire vum 16. März 2004 geschriwwen, ech zitéieren en: «Le pouvoir législatif restera donc toujours maître de doser l'étendue du pouvoir réglementaire. C'est lui qui déterminera en fin de compte les portions respectives des compétences retenues et des attributions concédées.»

Mir an der Institutionskommissioun hunn aus deem Kommentar erausgelies, d'Schlussfolgerung gezunn, dass d'Chamber bei de Matières réservées all Méiglechkeete géif behalen. A mir waren net der Meinung, dass een an all Text och misst ëmmer déi Konditiounen a Modalitéite fixéieren, mä dass dat eng Méiglechkeet wär, déi d'Verfassung der Chamber géif concédieren. Dofir war och d'Kommissioun d'accord, fir deem Text - an opgrond vun de Kriticke vum Conseil d'État iwwer eisen eegenen Text - am Joer 2004 ze iwwerhuelen.

D'Verfassungsgericht huet déi Meinung gedeelt. Awer zënter 2013 huet et eng aner Interpretatioun vum Artikel 32 (3) ginn. Fir d'Verfassungsgericht geet et zënter dem Arrêt 108/13 vum 29. November 2013 net duer, dass d'Gesetz déi allgemeng Prinzipien duerleet, mä et ass der Meinung, dass d'Gesetz och d'Zilsetzungen, d'Konditiounen an d'Modalitéite muss festleeën en vue vun esou engem Règlement grand-ducal.

Déi Jurisprudenz, sou wéi de Rapporteur et scho signaléiert huet, ass an den Arrête konstant an de Joren 2014 bis 2016 confirméiert ginn. De Statsrot selwer huet dee Revirement de jurisprudence zum Ulass geholl, fir a sengen Avisen ëmmer erëm op déi Problematik hinweisen, an och méi eng strikt Interpretatioun vum Artikel 32 (3) opgrond vun den Arrête vum Verfassungsgericht gefrot.

Et huet och do an den Aweise vum Statsrot net un Opposition-formell gefeelt. An et huet ee jo festgestallt, dass déi dosendeweis komm sinn, wat eigentlech virdrun net de Fall war.

Dofir huet och de Statsrot selwer, dee gemierkt huet, dass een esou net kéint weiderfueren, a sengem Rapport d'activité vun 2013 d'Meenung ausgedréckt, dass et am Intérêt vun enger gudder legislativer Aarbecht wär, fir eng Reform vum Artikel 32 (3) an d'Gespräch ze bréngen.

Effektiv huet déi strikt Interpretatioun vun dem Artikel 32 (3) zu enger grousser Behënnung vun der legislativer Aarbecht gefouert. Zugläich awer, an ech mengen, dat wär gradesou wichtig, ass duerch déi Interpretatioun eng ganz grouss juristesche Onsécherheet entstanden, net nëmme fir d'Ausaarbechtung vun neien Texter, mä besonnesch am Zesummenhang mat deene Gesetzter, déi virun 2013 a Kraaft getruede sinn. An d'Arrête vun dem Verfassungsgericht - notament deem, deem ech zitéiert hunn - hu sech jo haaptsächlech och op Reglementer a Gesetzter bezunn, déi deelweis wäit zrëckleien aus de 50er Jore vum leschte Jorhonnert.

D'Institutionskommissioun huet sech där Problematik ugehall an am Oktober 2015 enger Reformproposition vum Artikel 32 (3) hir Zoustëmmung ginn.

A sengem Avis vum 25. Mee vun dësem Joer huet de Statsrot een neien Text virgeschloen. De Statsrot seet a sengem Avis, dass bei de Matières réservées nëmme Reglementer kënnen ge-





holl ginn opgrond vun enger besonnescher Bestëmmung vun engem Gesetz, wat d'Matièren an hire Prinzipie regelt a wat d'Konditiounen festhält, ënnert deenen déi Reglementer geholl kënne ginn.

Här President, d'Institutionskommissioun huet deem Text analyséiert a si war eigentlech mat deem Text net averstanen. Dat ass schonn aussergewöhnlech, well an der Vergaangenheet si meeschtens bei Verfassungsännerungen d'Texter vum Conseil d'État ugehall ginn. Mir sinn an där heiter Proposition dem Conseil d'État a senger Propos net gefollegt, haaptsächlech aus zwee Grënn, déi schonn de Rapporteur ugedeit huet:

Deen éischten ass deem, dass de Statsrot wollt d'Méiglechkeet vun de Reglementer an der Matière réservée net op de Règlement grand-ducal limitéieren, mä hie wollt virgesinn, dass déi Habilitatioun sech och op aner reglementaresch Mesurë kéint uwenden. Do waren, ouni déi ze preziséieren, dermat gemengt engersäits Reglementer, déi d'Berufsorganisatiounen kënnen huelen - dat ass den Artikel 11 Paragraf (6), zweete Saz -, a Reglementer, déi och vun den Établissements publics kënne geholl ginn. Dat ass den Artikel 108bis.

De Statsrot huet déi Ausweitung vun dem Pouvoir réglementaire bei de Matières réservées net weider kommentéiert. Dofir war et och schwierig, d'Grënn ze kennen, wat de Conseil d'État eigentlech mat där doter Ausweitung wollt bezwecken. Dofir bleift awer dermiewent eng wesentlech Fro op, déi vum Rapporteur och schonn opgeworf ginn ass, dat ass déi: Déi allgemeng Formulatioun vum Conseil d'État, hätt déi och erlaabt, dass an engem Gesetz Réglements ministériels virgesi wäeren?

Déi allgemeng Formulatioun vum Conseil d'État hätt dat eventuell erlaabt. Allerdéngs wier dat contraire gewiescht zu dem Artikel 76 vun der Verfassung, deem ausdrécklech seet, dass Règlements ministériels nëmme kënne geholl ginn opgrond vun enger Dispositioun vum Grand-Duc an engem Règlement grand-ducal, dass en also déi Pouvoir kann delegéieren. An e kann et nëmme maache fir Reglementer, déi a seng eege Kompetenz falen, dat heescht, déi virgesi sinn an den Artikele 36 a 37. Et hätt een also kënne soen: „Hei sinn d'Règlements ministériels net viséiert.“ Mä de Conseil d'État huet doriwwer keen ee Wuert verluer.

Zweetens huet de Statsrot virgesinn, dass an dem Beräich vun de Matières réservées am Gesetz d'Prinzipie musse festgehalen ginn.

Éischtens emol muss ee sech d'Fro stellen, wat dann ënner Prinzipien ze verstoen ass. Ech maachen hei drop opmierksam, dass d'Cour Constitutionnelle an deene leschten Arrëten net méi vu Prinzipien, mä vun „cadre essentiel“ schwätzt, wat eng aner, vläicht eng aner Notion ass; dat kann een net wëssen. Et ass also do och eng Onsécherheet, a mir hätten duerch esou en Text ganz sécher eng zousätzlech juristesche Onsécherheet an d'Verfassung erabruecht. An et ass jo kloer, dass iwwer d'Fro vu prinzipiellen oder essenzielle Bestëmmungen d'Meenunge ganz wäit ausernee kënne goen.

Et bleift awer eng aner Feststellung ze maachen am Hëllef op den Avis vum Conseil d'État: Bei der Matière réservée geet et eigentlech net ëm d'Gesetz. Et geet ëm de Règlement! Wat am Gesetz steet, dat determinéiert d'Chamber! An hei hätt ee kënnen aus deem Artikel erauslesen: Hei sinn nëmme déi wesentlech Elementer dran. Domat wieren d'Matières réservées fir d'Chamber méi restriktiv gewiescht, op jidde Fall a mengen Aen, wéi en normalt Gesetz, wou esou eng Dispositioun net virgesinn ass.

D'Matières réservées ginn der Chamber eng Prärogativ! An ech mengen, mir kënnen als Chamber net akzeptéieren, dass do an der Verfassung steet, dass dat op essenziell oder op Prinzipiefroe limitéiert wier. Et geet net ëm d'Gesetz, et geet ëm d'Reglement. Et geet ëm de Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc.

Wat am Gesetz steet, oder wat am Gesetz stoe soll, dat muss d'Chamber an aller Fräiheet kënnen entscheeden. A mir kënnen net akzeptéieren, dass do an der Verfassung eng Limitatioun géif kommen! Dofir, mengen ech, ass dat do fir eis och eng wesentlech Fro, dass een déi do Formulatioun net konnt esou iwwerhuelen.

All déi Iwwerleeungen hunn also derzou geféiert, dass schlussendlech d'Institutionskommissioun den Text vum Statsrot net iwwerholl huet. Der Institutionskommissioun ass dofir eigentlech keen aner Choix bliwwen, wéi op hiren eegenen Text zrëckzekommen.

Här President, d'CSV huet an der Institutionskommissioun hiren Accord zu der Verfassungsrevision vum Artikel 32 (3) ginn. E Verfassungstext ass ëmmer och e politesche Kompromiss. An et muss een, fir zu engem Accord ze kommen, och bereet sinn, Kompromisser anzegoen. An all deene Joren, wou un där neier Verfassung geschafft ginn ass, si vill politesch Kompromisser gemaach ginn. An et ka kee soen, deem Text, dat wier entièremment a ganz eleng seng Meenung.

Nee! Wann een Text vun där doter Envergure erausgeet, dann ass et d'Meenung vun all deenen, déi och bereet sinn, an dat ass eng Majorité qualifizéiert hei am Haus, déi bereet sinn, och deem Text ze deelen. Dat wëllt awer net soen, dass ee seng eege Meenung net behält! Mir haten och eng eege Meenung a mir hu gemengt, deem Text vum Artikel 32 (3) kéint vläicht nach méi kuerz gefaasst ginn.

Mir ware besonnesch der Meenung, dass dee leschte Bout de phrase, dee seet, dass le cas échéant och déi Konditiounen kéinte festgehalen ginn, eigentlech keng Plus-value duerstellt. Dofir ware mer der Meenung, deem hätt ee kënnen ewechloossen. Dat ass eng Kann-Bestëmmung, mä et weess een net, wat anerer doraus maachen! An et hätt een - dat ass op jidde Fall eng Léier, déi mir gezunn hunn -, et hätt ee kënnen deem Artikel op dat Wesentlech beschränken an net nach Zousätz bäifügen, déi eventuell Ulass zu neier Jurisprudenz kéinte ginn, déi eis eventuell net schmaacht.

Mir hunn awer, dovun ofgesinn, déi Meenung virgedroen a mir hunn och net drop gehalen, dass schlussendlech dat, wat mir virgeschloen haten, am Text géif zrëckbehale ginn. Et verënnert mech awer net, fir dat nach eng Kéier hei zum Ausdrock ze bréngen.

Den Textvorschlag vum Artikel 32 (3) ass trotz där klenger Kritik, déi ech virbruecht hunn, ganz sécher dee richteg Schrëtt an déi richteg Richtung, fir méi juristesche Sécherheet ze erreechen an och fir an Zukunft eng besser legislativ Aarbecht ze kréien.

Ech mengen awer, et soll een net hei elo d'Konklusioun zéien, dass hei d'Regierung oder de Pouvoir exécutif Pouvoir géif kréien, déi se net hunn. Dofir muss och an Zukunft mat gréisster Suergfalt an deene Beräicher geschafft ginn! Et muss och versicht ginn, méiglechst alles, wat iergendeng Wichtegkeet huet, an d'Gesetz ze setzen. An et muss een och do, wou een e Règlement virgesäit, wou ee mengt, et bräicht een e Règlement, muss een en och am Gesetz virgesinn!

Et sinn och Fäll, wou Texter kee Règlement virgesinn hunn, wou awer op eemol herno sech op een Text beruff gëtt an deenen dote Matière, fir ee Pouvoir réglementaire oder fir e Règlement grand-ducal ze huelen, wat natierlech contraire ass zu der Verfassung a wat besonnesch - de Rapporteur huet et zitéiert - de Geriichter erlaabt, fir opgrond vum Artikel 95 ze soen, déi wiere contraire zum Gesetz a contraire zu der Verfassung.

Dofir muss ee ganz virsiichteg sinn. Virsiichtegkeet also souwuel bei der Regierung, mä Virsiichtegkeet och bei der Chamber!

Dat gesot, Här President, bréngen ech den Accord vun der CSV zu där heiter Verfassungsännerung an ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Meyers. Nächst Riednerin ass d'Madame Simone Beissel fir d'DP.

► **Mme Simone Beissel (DP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, virop mäin härezeleche Merci dem Rapporteur Alex Bodry fir säin ausféierleche schrëftlechen a mündleche Rapport.

Munchereen ass amgaangen, dobauss sech d'Fro ze stellen, firwat mer dann haut iwwert des punktuell Verfassungsännerung schwätzen, virun der grousser, genereller Reform vun der Lëtzebuurger Constitution.

Den Artikel 32, a meng Virriedner hunn dat scho gesot, dat ass héchstwahrscheinlech ee vun deenen allerwichtigsten aus onser Verfassung. Et geet ëm d'Puissance souveraine, ausgeübt vun dem Grand-Duc a Konformitéit mat der Verfassung an de Gesetzer vun onsem Land.

Den drëtten Paragraf, dee mer jo sollen haut reforméieren, interesséiert eis haaptsächlech hei als Chamber, well am drëtten Paragraf gëtt ebe just d'Qualitéit vun der Chamber als éischte Pouvoir vum Land nach eng Kéier ënnerstrach. Et geet hei ëm d'„matières réservées à la loi par la Constitution“, déi an der Verfassung definiert sinn.

D'„matières réservées à la loi par la Constitution“ sinn der Verfassung esou wichtig, a meng Virriedner hunn dat schonn ënnerstrach,

dass ausdrécklech an nëmme d'Legislativ d'Recht huet, fir iwwer se ze bestëmmen.

De Statsrot huet schonn an engem Avis vun 1946 geschwat vun enger „garantie spéciale“, vun enger „mission constitutionnelle“ fir d'Chamber, déi derfir suergt, dass bei de Matières réservées de Wëlle vum Vollek, d'Volonté populaire, an dat ënnert der Contrôle vun de Wieler an ënnert der Abannung vun all de Statsorganer, muss respektéiert sinn.

Am selwechten Avis schreift déi héich Kierperschaft awer och, dass och am Fall vu Matières réservées à la loi d'Méiglechkeet besteet, een Deel vun der Reglementatioun, deem iwwert d'Prinzipien an iwwert d'substanziell Modalitéiten erausgeet, iwwert de Wee vum Pouvoir réglementaire vum Grand-Duc ka geregelt ginn.

Dës Interpretatioun, Här President, Dir Damen an Dir Hären, ass ganz, ganz laang hei zu Lëtzebuerg ugewannt ginn: 70 Joer. An ech ginn lech just als Beispill een Arrêt, deem ass och schonn zitéiert ginn, vun der Cour Constitutionnelle vun 2003, dee seet, dass et géif duergoen, dass „les grands principes“ an dem Gesetz géifen ageschriwwen ginn an net méi.

Mä - mä, mä -, an dat ass de Souci, woufir mer haut alleguerten hei virun lech stinn, et ass säit 2013 e ganz déiwe Revirement komm an der Jurisprudenz, säit deem berüümt Arrêt Ries, well d'Cour Constitutionnelle den Artikel 32 (3) elo ganz anescht interpretéiert.

Dat ass ëmsou méi delikat, well hei eng Construction doctrinale a jurisprudentielle, déi, wéi ech lech scho gesot hunn, iwwer 70 Joer agreeiert war vun dem Statsrot an och de Geriichter, elo net méi d'Strooss hält. D'Aart a Weis, wéi mir hei zu Lëtzebuerg léigféieren, wéi de Grand-Duc an d'Regierung iwwert de Pouvoir réglementaire verfügen, sinn hei, säit där neier Interpretatioun, a Fro gestallt. An domat ipso facto - an dat ass jo eise grouse Souci! - de Fonctionnement vum Statsapparat selwer.

Här President, mir haten also zwou Méiglechkeeten, wéi mer ugefaangen hunn, heiriwwer ze diskutéieren. Entweder géife mer d'Verfassung esou loossen, wéi se ass. Dat géif beinhalten, dass an der Zukunft d'Gesetzer, déi mer huelen hei an onsem Haus, missten anescht geschriwwen ginn. A mir lafen och de Risiko, an dat ass vu menge Virriedner och ugeklongen, dass en Deel, an net dee mannsen, vun eiser Legislatioun, eise gängege Recht, eise Droit positif, riskéiert, net méi verfassungskonform ze sinn.

Virun allem am Secteur vun der Éducatioun, an dat ass och schonn ugeklongen, hu mer, duerch déi nei Jurisprudenz, gréisser Problemer direkt kritt. Dir wësst, dass d'Schoulprogrammer par Definitioun net rigid sinn an net fir laang Jore geschriwwen ginn. E Schoulprogramm huet et eben esou u sech, dass en normalerweis fir ee Joer gutt ass, an dass dann ëmmer muss versicht ginn, en unzepassen, fir en ze optimiséieren. Also ipso facto gesäit et schlecht aus, wa musse Schoulprogrammer a rigid Gesetzer ageféiert ginn, well mir wëssen alleguerten heibannen, wéi laang, souguer wa mer schnell maachen, mer brauchen, fir e Gesetz iwwert d'Bün ze kréien.

Dofir, an d'DP ass averstane mat där zweeter Méiglechkeet, där zweeter Léisung, wou gesot ginn ass: Mir ginn op de Wee vun der Emännierung vum Artikel 32 (3). An d'DP ass och d'Accord mat dem Timing, deem hei herausgewielt ginn ass, fir déi punktuell Verfassungsännerung elo ze maachen, virun der genereller Verfassungsreform, déi jo hannendrukënt, an dëst net nëmme aus praktesche Grënn. Well ech wëll alleguerten deene soen, déi elo vläicht Soucien hunn an déi dat och kritiséieren, déi soen, mat där neier Verfassungsännerung géife mir als Legislativ een Deel vun eise Pouvoiren un d'Exekutiv eriwerginn: Dat ass net richteg!

Mir änneren hei näischt Fundamentales, mir maachen hei keng Palastrevolution. Mir ginn zrëck op déi Situatioun, déi virun der Jurisprudenz bestanen huet. Mir ginn zrëck op déi Zäit virun 2004 an op eng Zäit, wou e Statsrot a Geriichter kee Problem haten, mat der Interpretatioun an och dem Libellé vun deem Artikel eens ze ginn.

Dat nach eng Kéier gesot: Mir maachen hei keen Agrëff an d'Demokratie! Mir behalen hei an deem Haus d'plein Pouvoiren, fir d'Gesetzer esou ze huelen, wéi mir et fir richtig fannen, well de Pouvoir législatif als éischte Pouvoir vum Land gëtt hei a kenger Weis agënt!

Dat beinhalt och, dass mir Maître d'œuvre bleiwen, a meng Virriedner hunn et och gesot, fir genau ze definéieren, wat fir e Spillraum mer dem Pouvoir exécutif loossen. Mir décidéieren, wat genau an d'Gesetz stoe kënt mat deem neie Libellé. An dee Moment décidéiere mir och, wat kann - kann, well et gëtt jo elo eng Clause potestative -, wat kann iwwer Règlement, iwwert de Pouvoir réglementaire regléiert ginn.

Ech mengen, dat waren elo e puer Remarquen. Meng Virriedner sinn an all d'Detailer gaangen. Ech wollt lech just soen, dass d'DP mat der ganzer neier Versioun averstanen ass. D'Richtung ass richtig. Et geet drëm, dass d'Legislativ hir Pouvoir behält. Et geet drëm, dass d'Regierung kann effikass schaffen an och schnell schaffen an net ëmmer erëm gehemmt gëtt duerch méiglech Hürden, déi an der leschter Zäit bestinn.

An dofir bréngen ech heimat voller Energie a Begeeschterung...

(**Hilarité**)

...den Accord vun der DP zum éischte Vote constitutionnel. Ech soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Beissel. An d'Wuert huet elo, mat därselwechter Energie a Begeeschterung, den Här Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir änneren haut, wa mer dann déi noutwendeg Majoritéit kréien - an ech si scho laang genuch derbäi, fir auszerechnen, dass mer déi wäerte kréien -, den Artikel 32 (3) vun eiser Constitution.

Meng Virriedner, souwuel d'Madame Beissel wéi den Här Meyers an den honorabele Rapporteur, den Här Bodry, hunn och ausféierlech iwwert d'Grënn referéiert, firwat dass mer des Ännerung maachen, firwat dass mer se elo maachen an net waarden, bis mer déi grouss Reform vun der ganzer Constitution maachen, a firwat dass mer net d'Propos vum Statsrot tel quel iwwerholl hunn, mä eis eens gi sinn - wéi den Här Meyers richtig gesot huet, et muss ee Kompromësser maachen - op déi Formulatioun, wéi mer se dann haut virleien hunn an och zum Vott virleien hunn.

Hinnen alleguer e grouse Merci fir déi Aarbecht, déi se geleescht hunn!

Nodeems Der dann elo dräi Juristen héieren hutt, sech mat deem Projet auserneeetzen, kéint ech jo mer et einfach maachen a soen: Ech ginn den Accord vu menger Fraktioun! Ech maache mer et awer net gradesou einfach. Ech fannen, no dräi Juriste soll och e Pädagog...

► **Une voix.** - Ah!

(**Interruptions**)

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - ...däerfen zielen, wat hien dann heiru wëllt och virginn. Schlisslech maache mer jo eng Verfassungsreform net nëmme just fir d'Juristen a fir d'Verfassungsspezialisten, mä mer maache se och fir d'Leit. An all Deputéierte wiele mat. Ech probéieren dann, mäin Aspekt vun där Problematik och hei op meng Aart a Weis virzedoen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien! Très bien!

(**Mme Simone Beissel prend la présidence.**)

(**Interruption par M. Alex Bodry**)

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Dat gesot, Här Bodry, all mä Respekt fir déi Aarbecht, déi d'Juriste gemaach hunn! A wann et ee Punkt gëtt, wou ee gesäit, dass mer och Juriste brauchen an der Chamber, dann...

(**Exclamations**)

...ganz bestëmmt an der Institutionskommissioun.

De grondsätzleche Problem, dee mer hei probéieren ze tranchéieren, ass jo d'Trennung vun de Gewalten, d'Trennung vun Exekutiv a Legislativ. De Grand-Duc, oder ech erlabe mer, et méi einfach ze soen, d'Regierung darf nëmme Saachen ausféieren, déi d'Gesetz bestëmmt huet. Mä d'Gesetz kann net ëmmer alles am Detail bestëmmen.

Um Beispill vun der Éducatioun, wat och scho vun e puer Riedner hei ugefouert ginn ass, do kann een eng Rei Saachen illustréieren. An der Verfassung steet am Artikel 23: «La loi règle tout ce qui est relatif à l'enseignement.» An der Organisation vun der Schoul hu mer awer et et mat ganz villen techneschen Detailer ze dinne, déi net all kënnen an engem Gesetz geregelt ginn.

Dat misst eigentlech och bal jiddwerengem aliichten, well engersäits géifen d'Gesetzer esou grouss a schweierfällg ginn, dass se onlieserlech wieren, anerersäits géife mer eis an der Chamber och mat technesche Froe befaassen, déi géife riskéieren, eis ze iwwerforderen. Esou ass zum Beispill am Schoulgesetz vum Fondamental vun 2009 festgehalen ginn, dass mer Sproochen an eiser Schoul léieren. Den Detail doriwwer steet awer net an engem Gesetz, mä an engem Règlement grand-ducal.

Et stellt sech also déi prinzipiell Fro vun der Grenz, der Grenz tëschent deem, wat de Gesetzgeber muss festleeën, a wou dat ufänkt,





wat d'Regierung därfer maachen. Wa mer eis et géife ganz einfach maachen, da géife mer e Gesetz schreiwén, wou just géif drastoen: „Mir hunn eng obligatoresch Schoufflicht bis 16 Joer. An e Règlement grand-ducal organiséiert, wéi d'Schoul funktionéiert.“

Dat wëlle mer net. Dat därfe mer och net, well dat schléisst schliisslech eis Verfassung aus. Do steet, datt d'Schoul Matière réglée par la loi ass an datt eigentlech misst alles iwwert d'Gesetz geregelt ginn. Mä dat geet och erëm net. An duerfir seet den Artikel 32 (3), datt och bei der Matière réglée par la loi kënne Règlement-grand-ducal geholl ginn, ënner bestëmmte Bedéngungen.

An et sinn déi Bedéngungen, déi am Laf vun de leschte Joren ëmmer méi onkloer goufen. Déi sinn ëmmer méi onkloer ginn opgrond vun der Verfassungsreform vun 2004 an opgrond vun enger Rei Uerteeler, déi geholl goufen an déi meng Virriedner och schonn hei opgezielt hunn, soudatt d'Aart a Weis, wéi den Artikel 32 (3) am Moment nach formuléiert ass, net méi zefriddestellend ass.

De Statsrot huet och ee klenge Mea culpa gemaach a festgestallt, datt, wann deen Artikel esou onglécklech formuléiert ass, wéi en dat nun emol ass, dann huet dat och eppes mam Avis vum Statsrot vun deemools ze dinn. D'Grenzen tëschent deem, wat dann elo wierklech Matière réservée ass, a wéini, a wéi enge Beräicher an ënner wéi enge Bedéngungen d'Regierung nach kann e Règlement grand-ducal huelen, sinn ëmmer méi onkloer ginn. An duerfir hu mir den Exercice gemaach, fir den Artikel 32 (3) nei ze formuléieren an déi Grenzen erëm méi kloer ze maachen.

En anert Beispill, d'Madamm Beissel huet et och schonn ernimmt, wou mer eis ganz schwéiergedoen hu mam aktuellen Artikel 32 (3), ass d'Reform vun der Formation professionnelle. Mir stëmmen zwar nach virun der Sommervakanz e Gesetz of, wat zumindest e gewëssenen Déblockage fir eng Rei Schüler bedeewt, mä déi ganz Reform ass - net eleng, mä ënner anerem - och blockéiert duerch den Artikel 32 (3).

Mir missten eventuell déi ganz Reglementer an d'Gesetz setzen. An der Formation professionnelle hu mer et awer mat ganz ville Formationen ze dinn, mat honnert Formationen. Do wier et jo awer bal eng onméiglech Aufgab, all Kéiers de Kader dovun an d'Gesetz ze schreiwén.

Et muss ee sech och d'Fro stellen: Ass d'Chamber kompetent, fir esou e Gesetz ze maachen? Hu mer d'Moyenen, fir esou technesch Aarbecht ze maachen? Tout ce qui touche à l'éducation est matière réservée à la loi, duerfir muss d'Gesetz kloermaachen, wat an engem Règlement grand-ducal därerf stoen.

De Statsrot reagéiert op d'Jurisprudence vum Verfassungsgericht, an et wier denkbar, datt verschidde Regelungen, wéi mer se zum Beispill am Gesetz iwwert den Enseignement fondamental stoen hunn, haut net méi esou géifen duerchgoen. Ech hu virdru schonn d'Beispill vun dem Plan d'études ugefouert, deen d'Sprooch regelt.

Mat deene Jurisprudenzen, déi mer haut hunn, géif ee soen, datt, wat am Gesetz vun 2009 steet, deelweis net prezis genuch ass an do-duerch och géif risquéieren, bei engem Geriicht ze verléieren, wann ee géif kloer goen. Dat kléngt e bësse mat den Hoer erbäigezunn. Mä eppes, wat esou kléngt, ass awer net onméiglech: Den Arrêt Ries ass schonn de Mëtteg zitéiert ginn.

Et ass an eisen Aen awer net evident, datt een Text vun dräi Zeilen, an domadder hu mer et schliisslech hei ze dinn, et fäerdegbréngt, déi Grenzen, iwwert déi elo säitewies juristesche Avisen geschriwwen gi sinn, ee fir alle Mol klipp a kloer festzehalen. Mir wëssen also, datt, wann den neien Artikel vun haut bis vottéiert ass, da geet d'Interpretation weider!

Natierlech gi mer dervun aus, datt den Text elo besser, méi kloer ass. An duerfir soen ech och nach eng Kéier virun allem dem Här Bodry an och dem Här Meyers Merci, an och deenen anere Juristen aus der Institutionskommission, fir hir Aarbecht.

D'Contrainten, déi mer bis elo haten, sinn eigentlech net méi esou streng. D'Chamber, de Constituant, wëllt net méi, datt dat esou strikt gehandhabt gëtt, wéi dat an deene leschte Joren traitéiert gouf.

Mir sinn net der Meinung, datt d'Chamber d'office eppes ewechgeholl kritt duerch deen neien Artikel 32 (3). Ech deelen do dem Här Bodry seng Meinung. Deen huet dat och hei däitlech erkläert. Vläch muss een awer méi richtig soen: D'Chamber kritt näischt ewechgeholl, wa se oppasst a sech näischt ewechhuele léisst!

D'Chamber soll sech op de Kader begrenzen.

Si brauch näischt ofzetrieden, wa se net wëllt. Si kann zu all Moment ee Gesetz maachen, esou wéi si wëllt. Den Artikel 32 (3) seet net, datt mir kee Gesetz därfe schreiwén, dat bis an dee leschten Detail geet. Mä wa mer esou e Gesetz wëlle schreiwén, da musse mer eis och froen, ob mer kompetent sinn an d'Moyenen hunn.

Meng Fraktion wäert déi Ännerung vun der Constitution hei matstëmmen, well mer mengen, datt se méi Kloeerheit fir eis legislativ Aarbecht wäert bréngen. Ob mer recht hunn, dat wäerten déi zukünfteg Jurisprudenzen weisen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Adam. An als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Merci, Madamm Presidentin. Et ass ëmmer ganz schwierig ze schwätzen no engem Rapporteur, deen esou ausféierlech eppes presentéiert, no deene magistralen Ausféierung vum Paul-Henri Meyers an och där ganz richteger a ganz gudder Ausféierung vun deenen anere Riedner. Och mir als ADR wäerten déi dote Verfassungsreform matstëmmen.

D'Cour Constitutionnelle huet säit der Jorhonnertwend eppes méi wéi honnert Arrête geschwat, wou mer gesinn, datt ronn en Drëttel Non-Conformitéit sinn a ronn zwee Drëttel Conformitéiten. Ech géif mer wënschen, datt mer hei am Haus esou oft géife reagéieren, wa Gesetzer anticonstitutionel erkläert ginn, an déi Gesetzer änneren, wéi mer elo an och an der Vergaangenheet an anere Fäll reagéieren, fir d'Verfassung ze änneren, fir datt d'Gesetzer an Zukunft solle konform sinn.

À l'origine ass den Arrêt vum Colonel Ries, et ass zitéiert ginn: den Arrêt 108 vun 2013. Wa mer kucken, wat do geschitt ass: Dat Gesetz huet gesot, d'Regierung... also d'Regierung... de Grand-Duc kann de Rentenalter fir d'Force publique erofsetzen, mä net méi wéi 55 Joer, ouni datt distinguéiert ginn ass, wat fir ee Corps, wat fir eng Fonctioun an esou weider.

Do gouf deemools gesot: „Do huet d'Gesetz net genuch cadréiert.“ Abee, ech sinn der Meinung, och mat där Reform, déi mer elo haut hei stëmmen, wier déi Mise à la retraite vum Colonel Ries nach ëmmer anticonstitutionnel, well d'Gesetz nach ëmmer net virgesäit, wat dann elo de Cadrage ass, d'Modalitéit sinn oder de But ass. De But, de But! An eisen Text schreiw mer jo elo haut: Les objectifs... Voilà! Wat d'Objektiv ass vun där doter Mesure. Dat heescht, och haut géif den Arrêt 108 vun 2013 a mengen Aen nach ëmmer esou gesprach ginn.

Dat Allerwichtigst, wat gesot ginn ass, an, ech mengen, et ass vun all Mënsch gesot ginn... Neen, et ass schonn oft gesot ginn, awer net vun all Mënsch, an et muss nach eng Kéier gesot ginn: Mir hunn eis oder mir entmannen eis mat deem heiten Text absolut net.

Et ass absolutt un der Chamber, an dat gëtt net oft genuch gemaach an de Kommissionen, fir anzegräifen, wann d'Regierung oder wann d'Verwaltung eis Texter virleet, wou se sech ze vill e grouss Spillraum wëlle loossen, wat d'Reglementer ugeet. Do muss een an Zukunft, mengen ech, all zesumme besser oppassen, wou mer Reglementer zouloossen a wou mer d'Limite setzen. Mä dat läit jo nëmmen un eis. An duerfir ass deen Text hei gutt. An duerfir wäert d'ADR en och matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Reding. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Merci, Madamm Presidentin. No dann entre-temps véier Juristen an engem Pädagog probéieren ech da vläch, eng politesch Interpretation vun där doter Verfassungsännerung ze maachen.

Et ass eng Verfassungsännerung vun deem Artikel 32 (3), mat där mer et hei ze dinn hunn, déi an eisen Ae keng Niewesaach ass. Se ass och keen Detail, a se ass och keng Vereinfachung vun der legislativer Prozedur. Se betrëfft an eisen Aen e wichtige Deel vum Prozess a vun der Essenz vun der Gesetzgebung. A si tangéiert eppes Wesentlech vum der Demokratie, nämlech d'Gewaltentrennung, méi genau d'Kompetenze respektiv d'Handlungsspillraum vu Regierung a vum Parlament.

D'Verfassungsreform vun 2004, op déi deen Artikel 32 (3) zréckgeet, huet de Pouvoir réglementaire vun der Regierung clarifiéiert an delimitéiert. De Grand-Duc... Bon, a Wirklecheit ass et d'Regierung, déi gemengt ass; de Grand-Duc ass jo d'ailleurs a ville Beräicher an der Ver-

fassung éischter Platzhalter vun der Exekutiv. Also, d'Regierung ka Reglementer, nom aktuellen Text, just dann huelen, wann d'Ziler, d'Konditioneuren an d'Modalitéiten am Gesetz spezifizéiert sinn.

Politesch interessant - d'Madamm Beissel ass virdrun drop agaangen - ass an eisen Aen awer och, datt entre-temps zënter enger gefillter Eiwegkeet eng Diskussioun iwwert d'Verfassungsreform hei an der Chamber leeft; an deene vergaangene Jore ganz laang an der Verfassungskommission an zënter Kuerzem awer och an der Effentlecheit. An déi aktuellste Fassung vun där Verfassungsreform, déi am Moment och zur Diskussioun steet, wou virun engem Joer d'Bierger opgefuerdert goufen, hir Suggestiounen, hir Propositionen dozou baizedroen, wou en Deel vun deene Propositione jo och dese Freiden, also iwwermuer, wäerten hei an der Chamber mat de Bierger zesummen diskutéiert ginn, deene Verfassungsreformprojet 6030 gesäit eng lichte Modifikation vir par rapport zu der Verfassung vun 2004.

Deen an der neier... Am 6030 ass et den Artikel 47 (2) An do steet: «Dans les matières réservées par la Constitution à la loi, il...», bon, de Grand-Duc, «...ne peut prendre des règlements et arrêtés qu'aux fins et dans les conditions déterminées par la loi.» Dat heescht, an där neister Verfassungspropos ass den Term „Modalitéiten“ ewechgefall, mä et ass ausdrécklech gesot ginn, datt d'Ziler an d'Konditiounen vum Reglement am Gesetz définiert musse ginn.

Den Här Meyers ass virdrun drop agaangen, datt eng Verfassung och ëmmer e Kompromiss ass. An ech mengen, datt déi Proposition, déi jo am Moment virläit, och d'Resultat vun engem Kompromiss ass. An och dee Kompromiss huet awer virgesinn, datt et d'Ziler an d'Konditiounen misste sinn.

Virun engem Joer dunn, 2015, also parallel zu der effentlecher Consultation, huet d'Regierung d'Chamber gefrot, eng Verfassungsännerung ze maachen am Sënn vun deem, wat mer elo hei virleien hunn, an déi den Här Bodry och ganz gutt exposéiert huet. D'Konditiounen vun de Reglementer sollen elo just nach „le cas échéant“, also fakultativ...

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *auteur-rapporteur*.- Just fir eppes kloerstellen: D'Regierung huet dat do net gefrot gehat. D'Regierung huet am Fong den Text vum Conseil d'État proposéiert. Mir hunn en eegenen Text gemaach an der Kommission. Et ass net esou, dass... D'Regierung huet eigentlech dat gefrot, wat och an eiser Proposition de révision globale vun der Verfassung virgesinn ass.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Mä et ass en aneren Artikel an en aneren Text vun deem, wat am 6030 drasteet par rapport zu där heiter Verfassungsännerung.

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *auteur-rapporteur*.- Neen, d'Regierung huet sech hannert dem Conseil d'État seng Proposition gestallt an déi proposéiert. Et ass just de Fait, dass de Conseil d'État net méi iwwerzeegt ass, dass seng eege Proposition de texte dat Zil géif errechen, wat eigentlech ugepeilt gi war. An duerfir huet de Conseil d'État e Revirement gemaach a senger Position. A mir hunn och doropshin eis Reflexiounen anescht gemaach.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Dat stellen ech net a Fro. Et bleift awer esou, datt deen Text, deen am Moment dem Public virläit vun der Verfassungsrevisioun 6030, datt deen och diskutéiert gëtt...

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *auteur-rapporteur*.- Jo.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- ...a breet an effentlech diskutéiert gëtt, datt do eppes anescht drasteet wéi dat, wat mir haut verännern...

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *auteur-rapporteur*.- Jo, jo.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- ...opgrond vun engem Revirement vun engem Avis vum Conseil d'État, un dee sech d'Regierung dunn drugehaangen huet a wou d'Chamber da reagiert huet.

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *auteur-rapporteur*.- Neen, d'Regierung huet sech net drugehaangen. D'Regierung huet den... D'Regierung war eigentlech op eiser urspringlecher Position. Mir hunn eis Position geännert.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Här...

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *auteur-rapporteur*.- Fir dat just kloerzemaachen.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Okay.

(Interruption)

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Nawell ass et awer esou, Här Bodry, datt an där heiter Proposition...

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *auteur-rapporteur*.- Dir kënnt awer elo alles op d'Kopp stellen...

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Wann ech gelift!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Mä nawell ass et awer esou, Här Bodry, datt déi Proposition, déi mer hei...

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *auteur-rapporteur*.- Jo!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- ...leien hunn, ofweicht vun deem, wat am Moment effentlech diskutéiert gëtt.

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *auteur-rapporteur*.- Jo! Dat huet näischt mat der Regierung ze dinn. Huet dat, wann ech gelift, zur Kenntnis!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Okay.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Här Baum, mir sinn eis eens, mä wann ech gelift, Dir musst lech un d'Chamber wenden. A wann ech gelift, maacht kee Suivi, soss kann den Här Bodry herno nach clarifiéieren.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Jo, ech si jo awer och interpelléiert ginn hei vum President vun der Verfassungskommission.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Neen, et ass ganz léif. Mä, wann ech gelift, fuert elo emol virun.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Fakt bleift awer...

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- An, Här Bodry, herno kënnt Der vläch nach clarifiéieren.

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *auteur-rapporteur*.- Dat brauch ech net. Ech wollt just d'Fakten eben duerstellen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Et ass kloer!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Madamm Presidentin, Fakt bleift awer, datt elo an deem, iwwert dat mer haut diskutéieren, drasteet, datt „le cas échéant“ d'Konditiounen kënne am Gesetz définiert ginn. Dat heescht, se si fakultativ. Dat heescht, et ass quasi esou, wéi wann et eng Opportunitéit gëtt vum Législateur, fir dat dranzesetzen. A mer wëssen, an dat ass awer eng politesch Considération, datt déi meeschte Propositionen oder déi meeschte Gesetzer, déi mer kréien, vun der Regierung kommen. Nawell huet d'Parlament d'Prärogativ, fir dat ze spezifizéieren. Et muss een awer soen, datt nei Elementer drakommen, nämlech déi vun der Opportunitéit.

Dës Verännerung... Bon, ech sinn elo... Den Här Bodry huet et effektiv fäerdegbruecht, dass ech elo mäi Fil verluer hunn. Ech wëll awer...

► **M. Alex Bodry** (LSAP), *auteur-rapporteur*.- Dat war eigentlech net meng Absicht!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Jo, Här Bodry. Ech verzéien lech dat.

D'Essenz bleift awer, datt d'Prézision an d'Komplettheet vu Gesetzer an eisen Aen net onbedéngt e Blocage vum legislative Prozess sinn, mä bénéfique fir d'Kloeerheit vun Texter. Mir mengen, datt déi Amendementer, déi d'Regierung wollt bei verschiddene Gesetzes-texter oder Gesetzesprojete maachen, wéi zum Beispill beim Zukunftspak, op Avis vum Conseil d'État, déi zréckginn op d'Jurisprudenz vun der Cour Constitutionnelle, mir mengen, datt déi Amendementer gutt ware fir d'Kloeerheit vun den Texter, well doduerch si se och Géigestand ginn a verstärkt Géigestand gi vun der parlamentarescher Debatt.

An do menge mer och, datt d'Chamber, also den éischte Pouvoir hei am Land, méi ass wéi just en Akteur am legislative Prozess. Se ass och méi wéi en technokratesch Riedchen am institutionelle Riederwierk. D'Chamber ass och e Forum, an deem widdersprécklech Meinungen an Iwwerzeugungen openeentreffen an déi domadder och d'Häerz vum demokratische Prozess sinn. An eiser Meinung no ass et wichtig, datt essenziell Saachen, wéi zum Beispill Amendementer, em déi et gaangen ass, déi de Statsrot wollt hunn, wéi zum Beispill d'Héicht vu Montanten, datt dat politesch Sujete sinn an datt et wichtig ass, datt esou Elementer och a Gesetzer stinn an net a Reglementer.

Här President... Madamm Presidentin, mir stëmmen dës Verfassungsännerung net. An dëst aus dräi Grënn.

Éischters gesi mer d'Urgence vun dëser Verfassungsännerung net an, well wann ee mengt, datt de Pouvoir réglementaire vun der Regierung misst vergréissert ginn, da soll dëst genauso Géigestand vun der effentlecher a breeder Debatt ronderëm d'Verfassungsreform si wéi an all anere Beräicher och.





Zweetens fanne mer, datt déi aktuell Dispositione vun 2004 vun der Verfassung gutt sinn. A mer deelen och déi strikt Interpretatioun vun der Cour Constitutionnelle a mengen, datt se e wichtegt Element am legislative Prozess ass.

An drëttens, an do komme mer net derlaanscht: D'Regierung kritt mat dëser Verfassungsännerung erweidert Pouvoiren. An et ass eng Erweiderung um Handlungsspillraum vun der Regierung an domadder indirekt natierlech och eng au détriment vum Parlament, dat bis elo awer d'Aufgab ëmmer hat, do ze intervenéieren.

A véiertens menge mer, datt d'Prezisioun vu Gesetzer eppes ass, wat besonnesch am demokratesche Prozess wichteg ass fir d'politesch Opposition; net nëmme fir déi aktuell, mä och fir déi zukünfteg.

An anere Wieder: Dës Verfassungsännerung leeft op eng - an eisen Aen - Selbstbeschränkung vum Handlungsspillraum vum Parlament eraus, déi esou vun eis net gedroe gëtt.

Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Baum. Ech hu kee Riedner méi ageschriwwen. Da géif ech elo dem Här Statsminister a Premierminister Xavier Bettel d'Wuert ginn.

## Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Merci, Madamm Presidentin. Ech wëll der Chamber hei Merci soen. Ech wëll der Chamber Merci soe fir d'Aarbecht, déi se gemaach huet, an och fir dee verantwortleche Schratt, dee fir méi Rechtssécherheet och an déi richteg Richtung geet an och e méi züegen Offla am Fong vum legislative Prozess mat sech bréngt.

**(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)**

Et ass hei vun deene meeschte Riedner gesot ginn, an ech wëll wierklech nach eng kéier widderhuelen: Hei gëtt net en Aschnëtt an d'Kompetenze vum éischte Pouvoir gemaach; dat ass ganz kloer. D'Regele gi fixéiert vum éischte Pouvoir. An hei ass net eng Demande vun engem Exekutiv, fir méi Pouvoiren ze kréien oder wëllen an de Pouvoir vum éischte Pouvoir anzeschneiden, also Aschnëtter ze froen oder méi Pouvoir ze kréien.

Et ass néideg, Här President, déi doten Ännerung ze kréien am Intérêt vun de Bierger vun onsem Land, a fir dass mer weiderkommen. Mir hunn duerch déi Disposition am Moment en immense Problem, well mer Opposition-formellë kréien, well mer ebe constitutionnellement gesot kréien, dass mer net richteg wieren. An dofir e ganz, ganz grouse Merci, wann hei eng grouss Majoritéit an dëser Chamber deen doten Text stëmmt.

Nach eng kéier: Mir wëllen net méi Pouvoir, mä mir wëllen en effikasse Pouvoir am Intérêt vun onsem Land a vun onse Bierger.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Premierminister.

A mir kéinten dann zur Ofstëmmung iwwergoen. Dir wësst, dass et eng Zweedréttelmajoritéit ass, déi gefuerdert ass, a Procuratioune sinn net erlaabt. Also keng Votes par procuration, just eege Stëmmen.

**(Interruption)**

Oh! Wat ass geschitt?

Neen, dat ass... De Vott ass nach net lancéiert.

**(Interruption)**

► **Plusieurs voix**.- Aah! Ooh!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ah!

► **Une voix**.- Gesitt Der, wat sinn déi Frae schnell!

**(Interruption et hilarité)**

► **Une voix**.- Sou! Elo huele mer awer kee méi mat, Här President!

**Vote sur la proposition de révision de la Constitution 6894**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Sou! Ech géif mengen, dass et elo un der Zäit wär, fir de Vott ze lancéieren. Also just déi perséinlech Stëmmen. An de Compteur bleift bei 54 stoen. Da ginn ech dervun aus, dass mer 54 Leit am Sall hunn. An de Vott ass elo ofgeschloss.

An d'Proposition de révision de la Constitution 6894 ass mat 52 Jo-Stëmme bei 2 Nee-Stëmmen akzeptéiert.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Laurent Zeimet;*

*MM. Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mme Josée Lorsché et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.*

Et ass, nach eng kéier, den éischte Vote constitutionnel. Also, wonnert lech net, wann ech hei net froen, ob mer eng Dispens kréien. Dat dierf ech hei net.

► **Une voix**.- Mir wonneren eis net.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Voilà! Villmools Merci. Mir géifen...

**(Interruption et hilarité)**

Wat hat Der gesot, Madamm?

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (LSAP).- Ech soen näischt.

► **Une autre voix**.- Frot léiwer net!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also, ech géif mech kleng halen, wann ech als bal Leschten erakomm wär.

**(Hilarité et interruption)**

Ah! Neen, ech gleewen lech dat.

Sou! Da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6868. Et geet ëm d'Ëmsetze vun enger Direktiv iwwert d'Publikatioun vun net finanziellen Informatiounen. An d'Wuert huet direkt den Här Rapporteur, de Franz Fayot, deen elo och d'Wuert huet.

**5. 6868 - Projet de loi concernant la publication d'informations non financières et d'informations relatives à la diversité par certaines grandes entreprises et certains groupes et portant modification de diverses dispositions relatives à la comptabilité et aux comptes annuels des entreprises ainsi qu'aux comptes consolidés de certaines formes de sociétés et**

**- portant transposition de la directive 2014/95/UE du Parlement européen et du Conseil du 22 octobre 2014 modifiant la directive 2013/34/UE en ce qui concerne la publication d'informations non financières et d'informations relatives à la diversité par certaines grandes entreprises et certains groupes;**

**- portant modification:**

**- du titre II de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises;**

**- de la section XVI de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;**

**- de la loi modifiée du 8 décembre 1994 relative:**

**\* aux comptes annuels et comptes consolidés des entreprises d'assurances et de réassurances de droit luxembourgeois**

**\* aux obligations en matière d'établissement et de publicité des documents comptables des succursales d'entreprises d'assurances de droit étranger**

**Rapport de la Commission juridique**

► **M. Franz Fayot** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, mat deem heiten Text setze mer haut eng europäesch Direktiv ëm, déi grouse Firma vir-

schreift, méi Informatiounen iwwer hir Aktivitéiten ze publizéieren. An Zukunft mussen déi betreffen Entreprises zousätzlech zu hiren Kontabilitéit och iwwert d'Risiken an d'Konsequenze vun hiren Aktivitéiten fir d'Ëmwelt, bei soziale Personalfroe souwéi och an de Beräicher vun de Mënscherechter an dem Kampf géint d'Korruptioun informéieren.

D'Ëmsetzung vun dëser Direktiv 2014/95 ass complémentaire an an der Suite vum Gesetzestext iwwert den „country by country reporting“, dee mer d'lescht Joer hei an der Chamber am Dezember adoptéiert hunn. An deem Gesetz geet et ënner anerem drëm, Transparenz ze schafen, wa Gesellschaften Suen u Regierung bezuelen, fir an hire Länner natierlech Ressourcen exploitéieren ze kënnen, wéi Pétrol oder Gas oder wäertvoll Metaller zum Beispill, dat mam Zweck, fir d'Korruptioun a Matière-première-räiche Länner ze verhënneren.

Doduerch, dass d'Gesellschaften déi Montante verëffentleche mussen, entsteet Drock op d'Firmen, fir méi responsabel ze handelen. Dat ass och d'Zil vum Gesetzesprojet, dee mer haut stëmmen. Déi grouss Entreprises, déi Informatiounen iwwert den Impakt vun hire Geschäftern mussen ëffentlech maachen, gi mat deem heite Gesetz sensibiliséiert. Et erlaabt de Verbraucher, en connaissance de cause ze konsuméieren. Déi mannste Leit sinn haut nach bereet, Produkter ze kafe vun Entreprises, déi d'Ëmwelt oder d'Mënscherechter net respektéieren oder och nach hir Salarië schlecht bezuelen.

Dat nämlecht géllt och fir Investisseuren, déi net nëmmen nom Benefiss vun enger Firma kucken, mä och ethesch an nohalteg Considérations an de Vierdergrond stellen. Dee sougenannten „non-financial reporting“, ëm deen et hei geet, schaaft och eng Eegendynamik ënnert den Entreprises, fir hir sozial Responsabilitéit ze fërderen.

Här President, ier ech lech den Text hei méi am Detail virstellen, wëll ech kuerz dat heiten ënnersträchen: An der aktueller Debatt an am aktuelle Kontext iwwert de Sënn vun der Europäescher Unioun, déi mam Brexit d'lescht Woch jo leider nees entlaamt ass, hu mer hei e Paradebeispill, wat déi Europäesch Unioun gutt mécht. Déi Obligatioun, fir wichteg Informatiounen, nieft de rengen Zuelen, ze publizéieren, wär schwierig, wann net souguer onméiglech gewiescht, eleng als Land duerchzusetzen, dat aus evidente Grënn vu Kompetitivitéit.

Ech wollt dat ënnersträchen, well ëmmer méi Leit sech d'Fro stellen, firwat Europa gutt ass. Eh bien, dat hei ass e ganz konkret Beispill, firwat Europa gutt ass!

Zënter dem Ufank 2000 gëtt et op europäeschem Plang, initiéiert vun der Europäescher Kommissioun, Efforten, fir grouss Firmen dozou ze motivéieren, dës zousätzlech Informatiounen ze publizéieren. Dat huet allerdéngs bis elo net esou gewierkt, wéi ee sech dat géif wënschen, well et ëmmer op fräiwëlleger Basis berout huet. Elo gëtt et obligatoresch.

Frankräich ass e Pionéier op dësem Gebitt an Europa. Schonn 2010 gouf am Kader vum „Grenelle de l'environnement“ d'Obligatioun fir d'Entreprises agefouert, fir ënner anerem iwwer hir Ëmweltpolitik ze informéieren. Et kann ee soen, dass d'EU-Kommissioun sech staark um Beispill vu Frankräich inspiréiert huet, fir dës Direktiv ze schreiwen.

Zu Lëtzebuerg goufen esou Informatiounen, wéi gesot, bis elo ëmmer nëmme fräiwëleg publizéiert. Dat hei markéiert also, wéi et richteg am Exposé des motifs och steet, d'Gebuertsstonn vum sougenannten „non-financial reporting“ am Lëtzeburger Recht.

Här President, ech kommen dann zum Text, dee ganz technesch ass, an dofir wëll ech mech op dëser Plaz op déi grouss Prinzipien am Gesetz limitéieren. D'Direktiv muss bis de 6. Dezember an d'nationaalt Recht ëmgesat ginn. Mir sinn also hei an der Zäit. Betraff vum Text si grouss Firmen, an deene méi wéi 500 Mataarbechter schaffen; Firmen, déi op der Bourse enregistreiert sinn; souwéi awer och Entreprises, déi en Intérêt public duerstellen, zum Beispill Banken, Assurancëgesellschaften. Grouss Gesellschaften aus dem Finanzsektor falen also och ënnert d'Obligatiounen an dësem Gesetz.

Während an der Europäescher Unioun ronn 6.000 Firma betraff si vun deenen neie Regeln, sinn et der zu Lëtzebuerg wahrscheinlech just e puer Dosen. Kleng Entreprises a PME sinn hei net betraff.

Allgemeng léisst d'Direktiv de betraffene Firmen eng Rei Fräiheeten, selwer ze bestëmmen, a wéi enger Form si déi netfinanziell Informatiounen publizéiere wëllen: Dat kann am Gestionsrapport oder an engem separaten Dokument sinn. Et ass de Firmen och iwwerlooss, wéi eng Guidelines se dofir benotzen. Dat heescht also, dass si international, europäesch

oder national Normen applizéieren däerfen, fir hiren Obligatiounen nozekommen. Dat kënnen zum Beispill déi si vun der OECD, déi vum Pacte mondial vun der UNO oder d'ISO 26000-Norm.

D'Direktiv obligéiert d'Firmen och net, dee Rapport vun engem externen Expert kontrolléieren ze loossen. E Réviseur muss awer certifiéieren, dass d'Entreprise de Rapport gemaach huet, ouni awer iwwert de Contenu ze jugéieren.

Här President, mir wäerten hei zu Lëtzebuerg d'Direktiv a minima ëmsetzen. Mir ginn also net méi wäit, wéi d'Direktiv et virschreift. Do mat komme mer de grouse Gesellschaften hei am Land entgéint, fir déi mat dësem Gesetz zousätzlech Käschte verbounne sinn.

Mir änneren dofir op där enger Säit d'Gesetz vun 2002 iwwert de Registre de commerce et des sociétés, mä och dat modifizéiert Gesetz vum 8. Dezember 1994 iwwert d'Kontabilitéit vun den Assurancen- a Reassurancëgesellschaften souwéi d'Gesetz iwwert d'Gesellschaftsrecht vun 1915.

Fir d'Éischt emol definéiert d'Gesetz, wéi eng Gesellschaftsforme betraff sinn. D'Entreprisë mussen d'intérêt public sinn a si musse während op d'mannst zwee Exercicer zwee vun dräi Krittären erfëllen: Entweder e Bilan vu méi wéi 17,5 Milliounen Euro hunn, e Chiffre d'affaires vun iwwer 35 Milliounen an op d'mannst 250 Salariéen. An da musse se um Enn vum Exercice méi wéi 500 Salariéen zielen.

Da schreift d'Gesetz vir, wéi eng Zort Informatiounen musse publizéiert ginn. An zwar mussen déi betraffe Firmen, wéi scho gesot, iwwer Ëmwelt-, Sozial- a Personalfroen informéieren, souwéi iwwer hir Politik am Beräich vum Respekt vun de Mënscherechter an dem Kampf géint d'Korruptioun.

Firmen, déi an engem Beräich keng Politik hunn, musse motivéieren, firwat dat esou ass, nom Prinzip „comply or explain“.

Am Rapport de gestion oder am separate Rapport mussen d'Resultater vun deenen eenzelne Politikberäicher analyséiert ginn. D'Entreprisë mussen d'Haaptrisike vun hiren Aktivitéiten an deene Beräicher identifizéieren a wéi se mat deene Risiken ëmginn. D'Firme sollen och iwwer hir Diversitéitspolitik informéieren an der Zesummstellung vun hire Gestionsorganen, zum Beispill matdeelen, wéi vill Fraen am Verwaltungsrot vun enger Gesellschaft sëtzen.

Nëmme wann dës Informatiounen Geschäftsverhandlungen, déi nach net ofgeschloss sinn, schuede kéinten, ass et den Entreprises erlaabt, d'Informatiounen ausnamsweis net ze publizéieren.

Eng weider Ausnam géllt fir Filialen, deenen hiert Mammenhaus d'Obligatiounen vum „non-financial reporting“ erfëllt.

D'Gesetz gesäit dann och Sanktiounen vir fir de Fall, wou d'Gesellschaft sech net un déi nei Informationspflicht halen. Hei kënnen Strofe vu bis zu 25.000 Euro ausgesprach ginn.

Här President, am Résumé: Déi sozial Responsabilitéit vun de Firma gëtt mat dëser Direktiv op europäeschem Plang gefërdert. Dovunner profitéieren, wéi scho gesot, d'Konsumenten, d'Bierger, d'Investisseuren, mä och d'Entreprisë selwer. Eng Entreprise, déi hir Responsabilitéit eescht hëlt, kann no bause Vertraue gewinnen an doduerch och méi kompetitiv ginn.

Entreprises, déi zum Beispill keng ëmweltfrëndlech Politik féieren, riskéieren ausgeschloss ze ginn aus ëffentlechen Ausschreiwungen. Mä virun allem riskéiere se, Clienten ze verléieren, fir déi d'Ëmwelt, déi sozial Komponenten, d'Mënscherechter an de Kampf géint d'Korruptioun wichteg sinn.

Dofir wäerte mir als LSAP-Fraktioun och dëse Gesetzesprojet stëmmen an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Fayot. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Et ass den Här Gloden.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Sinn ech hei bei deem Falschen? Neen, dat kann net sinn.

Jo, entschëllegt, et ass den Här Gloden.

**Discussion générale**

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Merci, Här President. Fir d'Éischt dem Rapporteur Merci fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport. Et ass en technesch Projet, wéi oft an dëse Matière. A mir wäerten d'nächst Woch och nach eng Rei technesch Projeten hei an der Chamber stëmmen am Gesellschaftsrecht.

Et ass esou, et geet hei ëm d'Ethik vun de grouse Betriber. De Rapporteur ass drop